**Press release** Berlin, 27 November 2022

# Ënnerwasserrugby Lëtzebuerg: 12. Plaz beim UWR Champions Cup 2022

D'Lëtzebuerger Ënnerwasserrugby (UWR) Equipe huet vum 25. bis de 27. November 2022 um Champions Cup, am Stadtbad Tempelhof zu Berlin deelgeholl. De Champions Cup ass een internationale UWR Tournoi, bei deem national Championen vun all Land géinteneen untrieden.

Et war déi éischte Kéier, datt UWR Lëtzebuerg deelgeholl huet, an dofir war et eng léierräich Geleeënheet fir géint Ekippen vum héchsten Weltniveau ze spillen. D'Ekipp vun UWR Lëtzebuerg huet d'Erwaardungen iwwertraff andeems se Laangzäit géint ganz staark an erfueren Géigner mathalen konnt an souguer de Match géint FIRS aus Florenz (Italien) gewonnen huet.

UWR Lëtzebuerg steet um Enn op der 12. Plaz vun 14 Equippen. De Gewënner bei den Männer sinn d'Orcas aus Kolumbien ginn, wärend Akkaren SDK aus Finnland bei den Fraen gewonnen hunn.

De Champions Cup gouf live um YouTube Kanal mat iwwert 500 parallelen Spaktateuren iwwerdroen. Am Replay kennen all Matcher vum Weekend ënnert https://www.youtube.com/@championscupuwr ugekuckt ginn.

**Resultater:**
Gruppephase 1:
- UWR Lëtzebuerg - Molde UVK (Norwegen): 0 – 12
- UWR Lëtzebuerg - UWRC Wien (Éisträich): 0 – 2

Gruppephase 2:
- UWR Lëtzebuerg – FIRS (Italien): 3 – 0
- UWR Lëtzebuerg – Uddevalla (Schweden): 0 – 3

Playoff fir Plaz 11/12:
- UWR Lux – Barcelona (Spuenien): 0 – 3

**Team Lëscht:**
Bruno Andrino, Felix Benedikt, Johannes Bröhl, Stephan Getzlaff (Coach), Ben Greisen, Bob Grün, Gilles Grün, Maxime Kauff, Ulf Siems, Christian Simon, Nils Stiller, David Tron, Luc Weydert, Bastian Vomhof

**Iwwert den Ënnerwasserrugby:**
UWR ass en Vollkontaktequipesport deen an 4-5 Meter Waasserdéift mat zwou Equippen gespillt gëtt. D'Zil vum Spill ass e Ball an de Kuerf um Grond vum Baseng vum Géigner ze leen. UWR Lëtzebuerg gouf 2012 mat der Ënnerstëtzung vum Swimming Luxembourg gegrënnt an de Veräin ass dorriwwereraus och Member vum Tauchverband FLASSA. Haut zielt den Ënnerwasserrugby Lëtzebuerg ongeféier 25 aktiv Memberen aus all Altersgruppen. Méi Infoen ginn et ob www.uwr.lu.